- Es oblag Emile Espen, Trésorier, die **Konten von 2025** darzulegen, zu denen ein positives Gutachten der Kassenrevisoren André Gilbertz und Patrick Loewen sowie der Fiduciaire Roland Kuhn vorlag. André Gilbertz bestätigte vor Ort eine gute Finanzverwaltung und bat den Kongress, die Konten gutzuheißen. Vorgestellt wurde ebenfalls der **Budgetentwurf 2026**. Die Konten 2025 und der Budgetentwurf 2026 wurden von der Generalversammlung einstimmig gutgeheißen. Beide Kassenrevisoren stellten erneut ihre Kandidatur, eine zusätzliche Kandidatur lag nicht vor. Die beiden Kassenrevisoren wurden von der Generalversammlung in ihrem Amt bestätigt.

- Nach der Vorstellung der Aktivitäten und des Finanzberichtes fand ein kurzer Austausch zu diversen Aktivitäten statt. Daraufhin erteilte die Generalversammlung dem Verwaltungsrat einstimmig die **Entlastung**.

- Als nächster Punkt wurde der **neue Verwaltungsrat 2026** gewählt. Dabei war die Situation folgende: **Austretend und ihre Kandidatur neu stellend:** Roger Dammé, Théid Faber, Béatrice Kieffer, Claude Petit, Jacques Pir, Jean Rischette, Thomas Steinmann, Blanche Weber

Nicht austretend: Tom Becker, Emile Espen, Gérard Kieffer, Laure Simon, Joy Mertz, Marianne Milmeister, Bob Reuter, Patrick Weyrich.

Austretend: Jeannot Muller.

Daraus ergeben sich 16 Kandidaturen (wobei maximal 17 Mitglieder im Verwaltungsrat statutarisch zulässig sind). Der neue Verwaltungsrat 2026 wurde einstimmig gewählt.

Blanche Weber bedankte sich anschließend im Namen des Verwaltungsrates und des Oekozeners für das langjährige Engagement von Jeannot Muller, dessen Präsenz, Argumente und Menschlichkeit immer geschätzt wurden. Er bleibt der Organisation hoffentlich noch weiterhin erhalten.

- Abschließend bedankte sich Blanche Weber für das **Engagement und die Unterstützung des hauptamtlichen Personals sowie der Mitglieder** – sei es aktiv oder passiv – während des Jahres 2025 und hoffentlich auch im Jahr 2026.

Anschließend stellte Dr. Marc Hans, in einem sehr pädagogischen und aufschlussreichen Vortrag die Situation im Wasserwirtschaftsbereich in Luxemburg vor.

Im Anschluss fand ein „Walking Dinner“ statt, um die Diskussionen zu vertiefen und das leckere Essen der neuen „Oekosoph“-Betreiber zu genießen.

Insgesamt war es ein sehr motivierender Kongress der auch zeigt, wie sehr die Mitglieder zusammenstehen im Mouvement Ecologique.

Den Aktivitätsbericht 2025 ass do!

Als Member kritt Dir dëser Deeg den Aktivitätsbericht 2025 per Post (ausser Dir hutt gesot, dass Dir grondsätzlech och den Info net wéilt per Post kréien, ma ggf. „just“ d'elektronesch Newsletter). Et gouf sech dofir decidéiert deen un all Member ze schécken, well de Bericht lech als Member awer nach eng Keier weist, wéi eng Aktivitéiten Dank Ärem Bäitrag an Ärer Ënnerstëtzung vun e ganz puer Haaptamtlechen an enger grousser Equipe vun Eierenamtleche konnte geleescht ginn.

Dëst Joer ass och de Fokus am Bericht op e puer „High-Lighten“ geluecht ginn. Duerfir nach eng Kéier en décke Merci, dass Dir Member sidd an doduerch dësen Engagement iwwerhaupt erméiglecht.

Dir hutt de Bericht gekuckt a braucht en net mei? Oder Dir denkt, dat weess ech schon: dann si mir frou, wann Dir en un interesséiert Leit weidergitt, déi vläicht wéilt Member ginn! Well de Mouvement ass ob all eenzelne Member ugewisen.

An: den Aktivitätsbericht ass och ab Métt Abrëll op franséisch an englesch verfügbar op der Homepage vum Mouvement Ecologique. Wann Dir franséisch- oder engleschsproocheg Leit géngt kennen, déi um Mouvement Ecologique interesséiert wieren, da wäer et flott, wann Dir si géift heirop opmierksam maachen.





RIED VUM BLANCHE WEBER, PRESIDENTIN MOUVEMENT ECOLOGIQUE, KONGRESS 2025

KRICH AM NOEN OSTEN - HU MÄER AUS DER INVASIOUN AN D'UKRAIN GELEIERT?

„In Teilen des Nahen Ostens entwickelt sich eine humanitäre Krise, die sich rasant zuspitzt. (...) Die Folgen bleiben nicht auf die direkt betroffenen Gebiete beschränkt. Der Nahe Osten ist zentral für globale Energie-, Handels- und Transportsysteme. Werden diese gestört, hat das weltweite Auswirkungen – und erhöht das Risiko von Hunger weit über die Region hinaus.“ ... esou d'UN am Kontext vum Krich am noen Osten.

Erënnert d'äer lech nach un d'Schlagzeilen no der Invasioun vun der Ukrain duerch Russland? Liewensmëttelknappheet, klammend Präisser fir lesswueren, Stéierung vun de Liwwerketten... stoung do ze liesen. Elo géif méi op Regionalitéit a Souveränitéit gesat ginn.

.... an der Landwirtschaftspolitik goug et an déi falsch Richtung weider

Déi grouss Fro ass: Wéi eng grundsätzlech Konsequenze goufen da wierklech gezunn, e.a. fir eis **Liewensmëttelproduktioun**?

Wat d'EU an och Lëtzebuerg betrëfft: mat duebeler Vitesse goug et duerno weider an déi falsch Richtung.

- Während aartlech Campagne wéi „Esou schmaacht Lëtzebuerg“ organiséiert ginn – de Landwirtschaftsministère setzt jo do just op „good will“ a Sensibiliséierungsaktiounen fir d'Regionalitéit ze fërderen – gi knallhaart Fakten an déi absolut géigesätzlech Richtung gesat!



D'**Mercosur-Ofkommen**, dat zurecht vun de Baueren ofgeleent gëtt, gouf op EU-Niveau vu Lëtzebuerg ënnerstëtzt an ouni ze zécken an der Chamber gestëmmt. Aus vermeindleche geopolitische Grënn gi mat dubiéisen Autokrate wéi dem Milei Accorden ofgeschloss, déi d'Klengbaueren an de südamerikanesch Staaten futti maachen – an d'europäesch Baueren nach méi ënner Drock setzen. Sinn dat d'Konsequenze wou versprach gi waren? Léist sech Geopolitik wierklech just op dem Réck vun der Ekologie an den eenheemesche Vëlker an de Klengbauere maachen? **Geet eis Fantasie, wéi d'Globaliséierung an dese Krisenzäiten ausgesinn a sech fortentwéckele soll, net mei wäit?**

- Zweet Beispill: De Claude Meisch huet **Restopolis** op de Wee bruecht an hält positiverweis dru fest, dass an de Schoulkantinnen déi biologesch an déi regional Produite Virrang hunn, och par Rapport zum Präis. Dës Bestëmmung bréngt wesentlech méi wéi eng aartlech Sensibiliséierungscampagne wou d'Verantwortung ob den Einzelne gedréckt gëtt.

Déi Akafsstrategie vu Restopolis huet dem Biolandbau e groussen neie Muart gebueden an huet och massiv nei Ofsazméiglechkeeten fir déi regional Produite geschaf.

A wat mëscht d'Landwirtschaftsministesch Martine Hansen, well eigentlech ass jo si responsabel fir d'Förderung vun eiser Landwirtschaft? Ma si schwätzt elo scho ganz laang just **vu 4-5 Pilotprojeten** a Spideeler, an den Institutionen zu Dikrech an zu Schraasseg, wou mol soll gekuckt gi wat do dann nom Modell vu Restopolis kéint gemaach ginn... Natierlech och an der Versuchsphase ouni bio.



Elo an der **Hallschent** vun der Legislaturperiod huet si net mei opweises wéi **vu 4-5 Pilotprojeten** ze schwätze wou emol en plus scheinbar nach wäit dervun ewech si konkret Resultater ze bréngen! An d'Gesundheitsministesch? Si fënt bio a regional Ernährung eigentlech gutt, esou sot si an enger rezenter Reunion mat eis. Mais: si kéint do näischt wierklech maachen, esou sot si och. Et léich an der Hand vun de Spideeler, fir an deem Beräich aktiv ze ginn, d'Finanzen an den Hänn vum Finanzminister. Konsequenz: Keen neien Ofsazmaart fir bio a regional Produiten Maache mäer Lëtzebuerg esou „resilient“ wéi eise Premier esou gäre seet? **Neel!**

- Nach e Beispill gefälleg? Lëtzebuerg schéngt Loscht drop ze hunn, sech weiderhin der **Pestizidlobby** ze verschreiwen, jo un enger Agrarkultur festzhalen, déi eis Landwirtschaft quasi ofhängeg vun deene mëscht. Wéi ass et anescht ze erklären, dass eis Landwirtschaftsministesch trotz de systematesche Belaaschtunge vun eise Liewesmëttel duerch Pestiziden an Éiwegkeetschemikalie just betount: Esou laang d'Grenzwärter ënnerschratt sinn, sinn déi Liewesmëttel net belaascht! Et ass dach reegelrecht skurril an irreell, dass gesot gëtt alles wär ok, och wann zeg Pestiziden (an et sinn der geméis Prouwe bis zu 15) an engem Liewesmëttel sinn, esou laang de Grenzwäert vun enger Pestizid ënnerschratt ass. Dat just well et jo kee Grenzwäert fir de Cumul vun de Pestizide gëtt.

- **Kee Grenzwäert, kee Problem ... esou d'Logik.** Dobäi wësse mäer, dass an de leschte Joren nei wëssenschaftlech Analysen ëmmer derzou gefouert hunn, dass Grenzwärter fir Pestiziden no ënne revidéiert gi sinn, also mi niddreg goufen ni no uewen! Kraazt dat eis Politik: NÖ! Well mäer toleréiere jo och, dass zënter 15 Joer op EU-Niveau zwar decidéiert ass, dass d'„*candidates for substitution*“ - also Pestizide wou nowieslech gesondheetsproblematesch sinn – vum Muart muss geholl ginn, awer näischt geschitt. Wa 15 Joer an engem Beräich näischt geschitt wou zeguer de Problem erkannt an an en Exit decidéiert gouf, firwat sech dann elo nervös maachen, dass mäer e Cocktail vu Pestiziden an de Liewesmëttel hunn a mäer all Dag Éiwegkeetschemikalien iessen?!

Mercosur, feelend reell Förderung vu biologeschen a regionale Produiten, feelend konkret Ënnerstützung fir eng nohalteg Landwirtschaftsproduktioun, negéiere vum Problem: Dat ass d'Äntwert vun dem Martine Hansen an der gesamer Regierung – awer och de Regierungsparteien CSV an DP – ob d'Krisen. **Eigentlech muss een déi Politik als irresponsabel bezeichnen.**

Mäer wäerten eis als Mouvement Ecologique op eng fachlech-wëssenschaftlech an domat sachlech Aart a Weis, mee mat eiser klorer Sproch weider fir fundamental Reformen an der Agrarpolitik asetzen a mäer soe kloer:

- Jo zu enger **Geopolitik**, wou stabil a nohalteg ass andeem se ekologesch, demokratesch a sozial Wäerter net aushiewelt, ma se am Géigendeel stäerkt;
- Jo zu enger **vill méi konsequenter Ënnerstützung vun de konventionelle Baueren, déi mei nohalteg wëlle wirtschaften. Jo zu enger Gemeinwohlprämie fir déi Baueren, déi nach méi am Interessi vun der Kollektivitéit schaffen an e.a. eis Natur erhalen;**
- Jo zum **Biolandbau;**
- Jo zu **Bio- a regionale Produiten an allen öffentleche Kantinnen;**
- Jo zu engem **konstruktiven an offenen Dialog mat de Baueren, wéi et gelänge kann, datt si aus der Globaliséierung, der Wuesstemslogik „wachse oder weiche“ erauskomme kënnen.**

Jo, zum an d'Hand huele vun enger nohalteger Landwirtschaftspolitik mat konkrete politesche Moosnamen.

Och wéinst de Baueren! Well si sinn zentral betraff vun de Krisen, sinn de Pestziden am meeschten ausgesat an hire Berufsstand brauch dringend Zukunftsperspektiven. Industriebetribler maachen sech méttlerweil fit fir d'Energietransitioun, erkennen d'Klimakris un a maachen Efforte fir aus de fossillen Energien erauszuklammern. Si wëssen: dat muss se wann se muar nach produzéiere wëllen. Et wier un der Landwirtschaft unzeerkennen, datt wann si hier Produktionsbedingunge weider esou mat zerstéiere wéi elo, och si muar wäerte mat ënner goen

... Méi sozial Verdeelungsgerechtigkeit fir eng sozial-ökologesch Transitioun

Landwirtschaftspolitik ass leider maassgeblich mat verantwortlech fir d'Zerstéierung vun der Biodiversitéit, wëll grad am Offeland ass d'Aartestierwe besonnesch markant. Dat si wëssenschaftlech Fakten, dat seet och de Weltbiodiversitéitsrot. Et misst een nach vill mei mat de Bauere schwätzen a Léisunge sichen, datt si als Bauer vun der Politik déi richteg Signaler an Ënnerstützung kréien, fir an eng aner Richtung ze goen. Genau dowéinst wuar 2025 och d'Landwirtschaftspolitik am Fokus vun eiser Aarbecht, woubäi sech natierlech och fir den Erhalt vun eise Gréngstrukturen a fir d'Schafung vun neien, an eisen Uertschaften agesat gouf.

Um Weltaartentag vun de Vereenten Natiounen den 3. März hate mäer als Mouvement Ecologique eng Aktioun virum Staatsministère. Eist Ziel: **Déi vum Ausstierwe bedroten Aarten eng Stëmm an e Gesiicht ginn.** Spontan stounge mäer zu enger 75 Leit virum Staatsministère fir op dësen dramateschen Aarte- verloscht opmierksam ze maachen.



De Staatsminister Luc Frieden wuar bereet, zesumme mam Ëmweltminister Serge Wilmes, eis Stellungnam entgéint ze huelen. Heen huet sech dobäi duerchaus betraff gewisen an éierlecherweis ageraumt, datt him déi Aarten net an deem Ausmooss bekannt wäeren. An hee sot awer och säin, et kann ee scho soen, Mantra: *Mier brauchen de Wuesstem, fir eis Ekologie a Sozialpolitik iwwerhaupt leeschten ze kënnen.* Dëse gouf och um leschte Kongress vun der CSV erëm widderholt.

Esou Aussoe missten eigentlech haut en Nogo sinn! Den haitege System ass, zumindest aus ekologescher Sicht, ma och mat de soziale Spannungen asw, amgang ze kollabéieren.

Ech well e Beispill weisen, mat Zuelen aus Däitschland, ma fir Lëtzebuerg dierft et net grondsätzlech anescht sinn:

Kuckt dëst Din A4 Blat. Loose mäer soen: 1 cm stellt 50.000 Euro duer. Wann een elo lues a lues dat Blat féllt, also 1 cm fir 50.000 Euro, nach 1 cm fir 50.000 Euro dann hätt een herno 1,5 Milliounen Euro ob engem Blat. 99% vun den Däitsche fannen sech mat hirem Verméigen ob dësem Blat erëm.

Wou mengt Dir, sti vereinfacht gesot, di räichsten 1% aus Däitschland? 5 Blieder, 20, 50, 100, 1000? Si leie bei 10 - 20 km Héicht! 10 - 20 km, datt ass d'Héicht wou e Fliger ënnerwee ass. A mäer bei engem DinA4-Blat oder nach 2 oder 3.

An dann ass och nach gewosst, datt déi räichsten 1% duerch hire Liewensstil Berechnung vun Oxfam no fir iwwert d'Hallschent vun den CO₂-Emissiounen weltwäit verantwortlech sinn. An am Schnëtt wüsst deene Leit hiert Verméigen dann och nach ëm 7% pro Joer. 7% vun deem riese Montant, dat ass an absoluten Zuele villeg méi wéi 7% bei deene Leit vum Pabeier ...

Mäer brauchen eng Besteuerung vun de „Super-rich“, well et si si déi och nach – dat weist den Elon Musk an anerer jo och virbildlech – eis Demokratie ënnergruuen.

Wann déi „Super-rich“ och nëmme 1-2-3% Steieren ob hiert Verméige géinge bezuelen, da géingen déi nawell all Joer nach extrem vill méi räich. An och zu Lëtzebuerg ass eng Riseschéier téschent Aarm a Räich, guer net ze schwätze vun der Spekulation op Terrain'en déi an der Hand vun éischter wéinege sinn...

Duerfir: Et gëtt Geld fir déi sozial-ökologesch Transitioun gebraucht. Eleng den Ëmbau vun eisem Energiesystem wäert nach immens vill Geld brauchen, d'Ënnerstützung fir finanziell benodeelegt Leit muss ausgebaut ginn ... Déi Diskussioun wou dat Geld hierkomme soll, ass och zu Lëtzebuerg iwwerfällg.

An dat Geld kann net aus dem Wuesstem kommen. Engersäits well en irreell ass, datt mäer deen an dem Ausmooss hikeréien – an anersäits, well de Wuesstem als Selbstziel genau dat zerstéiert, wat mäer duerno theoretisch mam Wuesstem wëllen erhalen.

Duerfir: ekologesch-sozial Transitioun heescht ganz kloer als eng vun den Haaptfuerderungen: Sozial Verdeelungsgerechtigkeit!

Mais eist Land trëtt an internationale Verhandlung geint d'Verméigenssteuer an. Wat en Anachronismus! Dat ass eigentlech och e Verrot u Länner mat mander Finanzmëttelen, déi nach méi dringend op déi Recette ugewise sinn. Déi verrode mäer grad a méifacher Hinsicht: si leiden elo scho ganz konkret am meeschten ënner der Klimakatastrophe. Mäer beuten nach ëmmer hier Ressourcen aus. An elo wiere mäer eis och nach dergéint, datt sech do nei Recetten opdinn, déi extrem wichtig fir si wäeren a wou di Räich emol net géinge spieren!

Mäer fuerderen d'Regierung op fir Sozialgerechtigkeit bei eis a weltwäit anzetrieden – ouni si wäert déi sozial ekologesch Transitioun net geléngen!

A wa mäer als Mouvement héieren, datt d'Regierung an den Ausseminister X. Bettel zeguer zur Diskussioun stellen, datt déi sougenannt Additionalitéit zur Diskussioun gestallt gëtt – also, datt wa mäer z.B. bei hei Geld fir Klimaflüchtlingen ausginn, déi Gelder vum Entwécklungsbudget ofgezu kéinte ginn, da soe mäer nee! Nee! Mäer solidariséieren eis ganz kloer mat den Entwécklungsorganisationen an dem Cercle de Coopération déi sech dogéint wieren. Huel d'Geld anzwousch anescht!



... Nach méi konsequent a séier wichtig Moosnamen néideg an der Energi- a Klimapolitik

Wann ech bei der sozialer Gerechtigkeit sinn, sinn ech direkt bei der Energiepolitik.

Och do: erënnert der lech wat lass wuar, no der Russlandinvasion an d'Ukrain? Fir d'éischt wuere mäer am Krisemodus a wuere frou fir iwwert de Wanter ze kommen. Parallel wuere déi politesch Aussoen awer kloer: mäer mussen méi onofhängeg an eiser Energieversuergung ginn, als Europa, an och esou wäit et geet als Lëtzebuerg.

An elo sinn d'Schlagzeilen erëm voll: Energiepräisser explodéieren, et gëtt sech gefrot op mäer genuch Energie hu wann de Krich am Noen Osten nach eskaléiert, staark wirtschaftlech Abussen si schonn do, driwwer nogeduecht gëtt ob de Staat bäileeë muss fir d'Energiepräisser am Grëff ze halen asw?

Ass dann do méi geschitt, wéi an der Landwirtschaft? Oder ass de Bilan grad esou negativ? Mitigéiert géing ech soen:

Fir positiv ze sinn: am **Stromberäich** ass eppes geschitt. Och wann et sécher Verbesserungspotential gëtt, den Ausbau vu Sonn a Wand geet virun an et wuar och en Energiedësch derzou wou mat den Acteure gekuckt gouf, wat nach zousätzlech kéint verbessert ginn.

Mais: an de Privatstéit verbrache mäer – wann een den Auto erausrecht – 2/3 vun eiser Energie fir ze hëtzen, net fir d'elektresch. Duerfir brauche mäer dringend eng **Wärmeplanung** wou och en Ausstig aus dem Gas an dem Mazout konsequent an d'Weeër geleet gëtt.

Et ass do scho bal schwindelerregend wat do alles muss gemaach ginn: Mäer mussen de ganze System, wou op Gas a Mazout baséiert, total ëmkrämpelen. Wärmepumpen bauen - Hëtzt vu Betriber, Kläranlagen, Waasser asw fir d'Hëtzen sammeln an a Wärmenetzer verdeelen – d'Produktioun an de Verbrauch openeen ofstëmmen – do wou et Sënn mëschet Netzer an de Stroosse verleeë fir d'Hëtzt ze verdeelen A kucke ween dat iwwerhaupt finanzéieren a maache soll, wëll d'Netzer wäerten z.B. sécher och nach am Ufank net rentabel sinn. A ween ënnerhält déi Netzer? Déi Leit wou elo de Gas verdeelen, woubäi en absolut anert Wësse gebraucht gëtt? Wee kontrolléiert d'Präisser? Well anescht wéi beim Strom hänt een als Client vun engem eenzege Fournisseur of, et ass een deem ausgelievert. Do muss een den Domm um Präis hunn dee gefrot gëtt, de Fournisseur kann net gewiesselt ginn. Et muss och gekuckt ginn, wou eng Wärmepumpe, wou eng kollektiv Léisung wéi e Kaalt- oder Wärmenetz méi sënnavoll ass

An allerspéitstens a 25 Joer d.h. bis 2050, méttlerweil scho just nach 24, muss dat ganz klappen. Dat ass iwwermuar!

A wat geschitt? Ma mäer schwätzen nach ëmmer driwwer, wéi no eng Wärmepumpe dierf un de Noper gebaut ginn, ob se iwwerhaupt dierf virun d'Dier kommen oder net. Nach ëmmer huet hei all Gemeng hier eege Virgaben. Eh ben, wa mäer jorelang brauche fir esou banal Froe wéi déi do ze klären, dann à la bonheur fir déi aner.

Ok. Am Ministère sinn elo an de leschte Joren 2 Leit ugestallt, scheinbar och Servicer ëmorganiséiert ginn, fir de ganze Job ze maachen.

Dat ass zwar positiv, ma dat geet dach net duer. Esou wéineg Leit, datt nennt een net „Neel mat Käpp“ maachen. Well et geet ëm d'Transitioun vun engem vun den zentrale Kärberäicher an eiser Gesellschaft, vun deene mäer all ofhänken!

Während d'Wärmestrategie virun sech hi plätscht huet d'Regierung zeguer 2 grouss Veranstaltungen zum Thema vum Carbon Capture, déi ëmstridde Méiglechkeeten CO₂ ze späicheren, organiséiert. Dat betrëfft

an eise Land vläicht e Grapp voll Firmen oder esou, net mei. Do wuaren 2 „Sommeten“, eng Task Force gouf gegrënnt ...

Déi selwecht Dynamik, deselwechten Engagement vun der Regierung bei der Wärmeplanung gëtt et – nach net.

Dobäi ass eng Wärmeplanung och aus sozialer Siicht eminent wichteg. Well soss sinn déi Leit, déi sech keng Wärmepompe kënnen leeschten, déi am Locatif wunnen oder deenen hiert Haus sech net eegent fir eng Wärmepompe, deklammenden Energiepräissermuecht-losausgeliiwert. Mäer brauchen eng sozialgerecht Gestaltung vun der Energietransitioun.

Wann ee vu sozialer Gerechtegkeet schwätzt, da muss een natierlech och vum **Klima- a Sozialplang** schwätzen. D'EU schreift fir, datt all Land esou een erstellt. Ech mengen et ass eis, zesumme mat der Aarbechterkummer, dem OGBL an dem LCGB ze verdanken, datt deen iwwerhaupt zu engem Thema gouf. Ëmmerhin hunn sech déi zoustänneg Ministären och op den Dialog agelooss.



Ma wat wäre mäer frou, wann elo scho méi dovunner ëmgesat wär: well mäer sollen eis näischt virmaachen, déi Erhéijungen vun den Energiepräisser fale grad de Leit mat manner Finanzmëtteleen erëm besonnesch op de Kapp. Ma vill Froen si beim Klima- a Sozialplang nach net gekläert: Wéi definéiere mäer iwwerhaupt, ween soll ënnerstëtzt ginn, wéi eng Zilgruppe solle besonnesch mat wéi engen Instrumenter erreecht ginn? Wéivill Geld wëll d'Regierung iwwerhaupt an de Grapp huele fir an de Plang an d'Moosnamen ze investéieren? Do erwaarde mäer, an och d'Gewerkschaften, kloer Äntwerten. A ganz séier.

Etwärnachvilleszesoen am Energieberäich. Z.b. datt mäer endlech eng Offensiv zur Renovatioun brauchen. Wa mäer weiderhin de Fokus op d'Neibauen amplaz op d'Renovéiere leeën, da wäerte mäer eis Klimaziler verfeelen ... an eis Landschaft an Uertschaften nach méi veraarmen. Ma ech fäerte mäer wäerten och an der Wunnengskris net genuch viru kommen! Et ass dach absurd, datt während händierend neie Wunnraum gesicht gëtt an an de Gemenge 5-10% vun den Haiser eidel stinn, an awer vun offizieller Säit aus virun allem op Neibaute gesat an d'Renovéieren zeguer erschwéiert gëtt: Idiotesch administrativ Bestëmmunge wéi muss renovéiert ginn, net genuch ausgeräifte finanziell Ënnerstëtzen ... Déi esou wichteg Tax ob eidelstoende Wunnengen, déi och am Koalitionsaccord steet, ass keng Prioritéit vum Innenminister ... Wat en Anachronismus. Wat eng feelgeleit Politik aus der Sicht vum Ressourcen- Biodiversitéits- a Klimaschutz, ma och aus sozialer Siicht.

Mäer soe kloer zur Regierung – Léieren zeien aus der neister Kris a nach vill méi konsequent un der sozial-ökologescher Energietransitioun schaffen:

- **Maacht wierklech Escht mat der Wärmeplanung! Mäer brauchen nach dëst Joer eng Strategie wuer d'Rees higoe soll, e Gesetzesentwurf, kloer Gesprécher mat den Acteuren ween an Zukunft wat maache soll!**
- **Gitt och Äntwerten op déi offe Froen vum Klima- a Sozialplang! A gitt lech e konkreten Zäitplang, datt nach dëst Joer mat der Ëmsetzung ugefaange gëtt. Spéitstens Ënn des Joers muss z.B. och eng kloer Léisung um Dësch leien an deelweis ëmgesat ginn, wéi Leit déi am Locatif sinn an der Transitioun kënnen matgeholl ginn!**
- **Ried net weiderhin, wéi 2025 erëm geschitt, d'CO₂-Emissiounen vu Lëtzebuerg schéin. Sot an aller Éierlecheit: Se ginn net an alle Beräicher esou erf wéi geplangt a wéi et misst sinn. Net bei de Gebaier, net bei der Industrie! Den éierlechen Dialog ass d'Basis vum konsequenten Handeln!**
- **An: Leed de Fokus net méi just op de Neibau! Maacht eng reegelrecht Renovéierungssoffensiv: Dovu profitéiert eist Handwerk!**

An erlaabt mäer e klengen Exkurs. Mäer wëssen all: Am Energieberäich hu mäer vill Zäit verchlof beim Ausbau vun den erneierbaren an och an der Wärmeplanung. Mäer sténgen haut anescht do, wa konsequent gehandelt gi wier. An ech weess net wéi et lech geet.

Wann ech da grad elo an der Kris liesen, datt erëm vu „klengen“ Atomkraftwierker, där vun der zweeter Generatioun, als Äntwert op eis Problemer geschwat gëtt, da verstinn ech d'Welt net. A 15 Joere



wieren se prett, seet d'Atomlobby. Ma dat soten si scho virun 10, 20, 30, 40 Joren. An eenzel Politiker sprangen och nach drop. Et ass einfach net ze gleewen! Mäer brauche Léisungen elo, a se leien um Dësch. **Lëtzebuerg muss nee soen, datt elo op EU-Niveau Fuerschungsgelder fir d'Atomkraft investéiert ginn. Eng Spuerkeess als staatlech Bank däerf och net Atomkraft als nohalteg definéieren! Do erwaarde mäer eng kloer Positioun!**

ELO POLITESCHE VERANTWORTUNG IWWERHUELEN

De Club of Rome huet 5 Pilieren definéiert, mat deenen déi sozial-ökologesche Transitioun gelénge kann. 3 hunn ech der genannt: Energie- a Landwirtschaftspolitik / Liewensmëtteleproduktion – an eng aner Finanzpolitik / Steiergerechtegkeet. Déi aner 2 si Chancéglicheit och vu Fraen an Demokratie a Matbestëmmung.

De Soziolog Andreas Reckwitz seet : „... Nach meinem Eindruck wännen sich viele Menschen in einer Art gesellschaftlichen Übergangsphase, von der nicht klar ist, wohin sie führt. Vielleicht geht es wieder nach oben, vielleicht nach unten. Vielleicht bleiben wir länger in einer Art Stagnation. Aus dieser Ungewissheit ergibt sich eine Neigung, sich stärker auf den Moment, auf das Hier und Jetzt zu konzentrieren. Man will und kann den Blick nicht so weit gen Zukunft schweifen lassen.“

D'Juli Zeh äntwert him: „Das Gefühl ist eher, dass die Probleme die da sind, nicht ausreichend angegangen werden.“ an och nach dëst: „Die Verantwortung wird auf den einzelnen Menschen abgewälzt, und die großen Stellschrauben, die man aber braucht, um zukunftsfähig zu werden, die weden nicht gedreht.“

Si beschreiwen a mengen Aen d'Situatioun exzellent. Mäer sti viru gewaltegen Erausforderungen, dat ass eis a ville Leit bewosst.

Wat mäer brauchen, dat ass eng Politik, déi bereit ass, elo a Krisenzäiten endlech déi wierklech Äntwerten ze ginn – a jo, eng reegelrecht Transitioun an d'Weg ze leeden an de Courage derfir ze hunn al iwwerhol Musteren duerch erfreschend neier ze ersetzen. Eis Zukunft positiv ze gestalten.

Well, dorëms geet et: Net Gepléischters, net den Einzelnen just sensibiliséieren. Ma eng politesch Verantwortung, eng kloer Richtung – kloer Choixen.

Laang Jore stoung de Wuesstem derfir, datt et de nächste Generatiounen sollt eng Kéier besser goen. Dat wuar jo och eng Zeit wouer. Ma elo setze mäer op eis Phantasie, an déi hu mäer: Mäer wëssen, datt mäer elo vu vill Leit an eise Länner am Wuelstand liewen, mäer eis Kraaft elo kënnen op aner Zieler leeën: op sozial Verdeelungsgerechtegkeet a net blann Maximéierung vum Konsum, ob sozial Kontakter, drop eisen Uertschaften méi Liewensqualität ze ginn duerch méi Gréngs a manner Bëtong, Wuelbefannen, éSelbstbestëmmung, gutt Aarbechtsconditiounen ...

Ech weess, mäer soten dat do schon esou oft, ma dat sinn eis grondsätzlech Wäerter, eis Iwwerzeugungen! Mäer hu kee schlecht Gewëssen dat ëmmer erëm ze soen. Am Géigendeel, mäer sinn houfreg drop! Et ass un aneren e schlecht Gewëssen ze hunn, datt et net mei virugeet. Eis Ënnerstëtzung hunn si, wa si konsequent eis Zukunft gestalten. Well dat eppes ännere muss a wäert, ass grottekloer. D'Fro ass just: geschitt et “per design” – also vun eis bewosst gestallt a selbstbestëmmt – oder „by disaster”, also reng duerch Katastrophen. Mäer si fir aktiv Gestaltung!

A mäer sinn, loosst mech dat zum Schluss soen, fir e respektvollen offenen Dialog. Sachlech, kloer an den Argumenter – offe fir nozelauscheren a fir e Perspektivewissel – an engem respektvollen Ëmgang mateneen.

Dir fannt d'Ried als Video an de Virtrag vum Dr. Marc Hans, Direkter vum Waasserwirtschaftsamt, ob www.meco.lu

